LU

GEMENGEROT

# VUM 14. JULI 2023

**Present:** de Buergermeeschter Félix Eischen (CSV), d'Schäffen Marc Bissen (LSAP) a Romain Kockelmann (CSV), d'Gemengeconseilleren Cheryl Binck-Geschwind (CSV), Bonifas Larry (déi gréng), Guy Breden (CSV), Maryse Frantzen (DP), Natacha Koch (CSV), Guy Kohnen (CSV), Claudine Meyer-Deitz (LSAP), Max Molitor (LSAP)

**Entschëllegt:** Patrick Krecké (DP) a Nathalie Noesen-Heintz (LSAP)

**Ufank vun der Sëtzung:** 08.30 Auer

All Punkte vum Ordre du Jour mat Ausnam vun de Punkten 2 a 12.1, goufen eestëmmeg ugeholl.

## ËFFENTLECH SËTZUNG

## MATDEELUNGEN

De Buergermeeschter Félix Eischen (CSV) begréisst d'Gemengeconseillerë fir den éischte Gemengerot an dëser neier Legislatur, e freet sech op e gutt a konstruktiivt Zesummeschaffen a wënscht jidderengem e gutt Mandat a begréisst och déi nei Kolleegen. Uschléissend entschëllegt de Buergermeeschter d'Nathalie Noesen-Heintz (LSAP) an de Patrick Krecké (DP).

De Guy Kohnen (CSV) informéiert, dass den OSCM (Office social commun à Mamer) sech och ëm d'"gestion-locative-sociale"këmmert. Do gouf sech an der lescht intensiv domadder beschäftegt fir déi nei Kontrakter opzestellen (contrats de mise à disposition) fir dass déi betraffe Leit kënnen an déi 6 sozial Wunnengen, déi sech hannert der Gemeng befannen an déi den OSCM gelount huet, anzéien. Ab dem 15. Juli 2023 kënnen déi éischt Locataire do anzéien an déi sinn och definéiert. De Guy Kohnen (CSV) informéiert sech iwwer de Chantier, deen sech an der Strooss erof fir op Dondel befënnt, an där virun 2 Joer en Tëschefall war. Gouf de Chantier vum Waasserwirtschaftsamt opgeriicht fir d'Strooss erëm a Stand ze setzen oder huet dëse mam Projet vu der SES ze dinn, fir eng nei Waasserleitung vun der Krengelbuererquell bis erof op Dondel ze leeën ? Den Dan Muno vum Service Technique erkläert, dass zwee Sondageläscher gemaach ginn, also zwou Ausgruewungen, eng ënnerhalb an eng uewerhalb fir ze kucke wou d'Leitunge leien. Fir d'Aarbechte vun der SES ass et wichteg fir ze wësse wou déi 500ter Leitung läit well elo eng aner Leitung doduerch gezu gëtt. Fir d'AGE ass et wichteg ze wësse wou d'Leitunge leie bei den Aarbechte fir de Wall oder fir Strooss ze stabiliséiere fir ze kucke wéi wäit si kënne goe mam Terrasséieren.

De Guy Breden (CSV) informéiert, dass momentan vill Aktivitéiten am SIGI (Syndicat Intercommunal de Gestion informatique) sinn, et gëtt en neien Direkter, en neien Direkter fir d'Ressources Humaines an en neie Responsabel fir Kommunikatioun gesicht. Zurzäit fanne vill Interviewe statt. Et ass och e „Comité de transition" gegrënnt gi well ouni Direkter ass et schwéier ze schaffen. De Comité de transition besteet aus 13 Leadere vu Kompetenz-Zenteren an de President Philippe Meyers, sou wéi de Guy Breden (CSV) sinn do dobäi. D'Gemenge sinn ugeschriwwe gi fir e Mataarbechter ze designéieren deen an der „Commission micro-informatique" vum SIGI wëll deelhuelen. Bei der Gemeng Kielen ass et de „Responsable informatique", Fabio Sousa. De leschte Mëttwoch war och déi éischt Reunioun vun dëser Kommissioun déi dofir geduecht ass, dass d'Gemenge méi enk zesummeschaffen a well haaptsächlech d'Informatiker iwwert alles Bescheed wëssen. Innerhalb vun dëser Kommissioun ginn dann och nach dräi Responsabel gewielt, well net ëmmer déi 24 Membere kënnen invitéiert ginn, déi enk mam Büro zesummeschaffen.

### *1. D'Ranguerdnung vum Gemengerot vun der Gemeng Kielen*

De Gemengerot beschléisst déi nei Ranguerdnung vu dass d'Gemengeconseilleren, déi den 11. Juni 2023 bei de Gemengewale gewielt gi sinn an virum Buergermeeschter hiren Eed ofgeluecht hunn hirer Funktioun als Gemengeconseiller zukünfteg kënnen nogoen.

**Hei d'Ranguerdnung vum Gemengerot:**

| Nom et prénom | Date d'entrée en fonctions | Rang d'ancienneté |
|---|---|---|
| KOHNEN Guy | 11/11/1997 | 1 |
| BISSEN Marc | 06/01/2010 | 2 |
| EISCHEN Félix | 23/11/2011 | 3 |
| KOCKELMANN Romain | 23/11/2011 | 4 |
| BONIFAS Larry | 23/11/2011 | 5 |
| NOESEN-HEINTZ Nathalie | 27/09/2013 | 6 |
| BREDEN Guy | 23/11/2017 | 7 |
| KRECKÉ Patrick | 11/06/2021 | 8 |
| MEYER-DEITZ Claudine | 09/02/2022 | 9 |
| KOCH Natacha | 21/10/2022 | 10 |
| MOLITOR Max | 04/07/2023 | 11 |
| BINCK-GESCHWIND Cheryl | 04/07/2023 | 12 |
| FRANTZEN Maryse | 04/07/2023 | 13 |

### *2. Administrative Kont a Gestiounskont 2021*

Den Artikel 163 vum geännertem Gemengegesetz vum 13. Dezember 1988 stipuléiert, dass den administrative Kont an de Gestiounskont vun der „Direction de contrôle de la comptabilité des communes" vum Inneministère iwwerpréift ginn déi se da mat hiren Observatiounen un de Gemengerot weiderleet. De Schäfferot huet de 5. Juli 2023 Stellung zum Rapport, bezüglech dem Kontroll vum administrative Kont an dem Gestiounskont 2021 vun der Gemeng Kielen, de vun der der „Direction de contrôle de la comptabilité communale" vum Inneministère de 26. Juni 2023 verfaasst gouf, geholl. De Gemengerot hält den administrative Kont an de Gestiounskont provisoresch fest. Den Exercice 2021 schléisst mat engem Boni an Héicht vu 15.625.775,44 € of.

### *3. Erneierung vun de Pachtverträg*

D'Pachtverträg ginn all 9 Joer op en Ënn, d'Echeance ass dëst Joer den 31. Dezember. Déi nei Kontrakter, déi erëm fir 9 Joer gëllen, an zwar vum 1. Januar 2024 bis 31. Dezember 2032, goufe vum Schäfferot a vun de

Piechter ënnerschriwwen. De Gemengerot approuvéiert déi 37 nei Kontrakter, bezüglech Gemengeparzellen, déi verlount ginn, an déi vun dëser Echeance betraff waren.

## *4. Prestatiounskontrakt*

### *4.1 Run for Fun fir Ufänger - Kontrakt*

Wärend senger Sëtzung vum 15. Januar 2020, huet de Schäfferot, op Propositioun vun der Madamm Streitz Patricia beschloss, e Laftreff fir Ufänger ze organiséieren, mam Zil, déi sportlech Aktivitéit vum Lafen ze promouvéieren. Dëse Cours heescht neierdéngs "Run for fun". Allerdéngs si verschidde Participante schonns fortgeschratt an d'Nofro ass nach ëmmer grouss, sou dass d'Madamm Streitz Patricia beschloss huet e Cours fir Ufänger an e Cours fir Avancéierter zukünfteg ze organiséieren. De Gemengerot approuvéiert de Kontrakt vum Cours "Run for Fun fir Ufänger" deen de 7. Juli 2023 tëschent der Gemeng Kielen, vertrueden duerch de Schäfferot, an der Madamm Streitz vu Leideleng ënnerschriwwe gouf. Dëse Kontrakt ass limitéiert fir d'Periode vum 23. September 2023 bis de 15. Juli 2024.

### *4.2 Run for Fun fir Avancéierter – Kontrakt*

Vu dass zwee Coursen ugebuede ginn, approuvéiert de Gemengerot och nach de Kontrakt fir de Cours "Run for Fun fir Avancéierter" deen de 7. Juli 2023 tëschent der Gemeng, vertruede vun hirem Schäfferot an der Madamm Patricia Streitz vu Leideleng, fir eng begrenzt Period vum 23. September 2023 bis de 15. Juli 2024 ënnerschriwwe gouf.

## *5. Konventioun fir d'Notze vum ëffentleche Domän*

Déi fréier Pizzeria "La Belissima" situéiert zu L-8280 Kehlen, 8 rue de Mamer, gëtt vun enger anerer Gesellschaft mat beschränkter Haftflicht iwwerholl déi "La Lambretta" heescht. Vu dass d'Vergréisserung vun hirer Terrasse den ëffentlechen Domaine wäert besetzen, méi prezis, en Deel vun der Parzell n°2066/6435, mat enger Fläch vu +/- 122 m2 an en Deel vun der Parzell n°2065/6433, mat enger Fläch vu +/- 65m2, situéiert Sektioun A vu Kielen, gouf eng Konventioun betreffend der Notzung vum ëffentlechen Domän de 5. Juli 2023 tëschent der Gemeng Kielen, vertrueden duerch hire Schäfferot an der s.à r.l. "La Lambretta", déi hire Sëtz zu L-8280 Kehlen, 8 rue de Mamer huet, ënnerschriwwen. Unhand vun dëser Konventioun stellt d'Gemeng Kielen déi uewe genannte Parzellen zur Verfügung.

## *6. Pacte Climat 2.0 – Approbatioun vun den Objektiver vun den d'Haaptindicateure vum Programm eea „European Energy Award"*

Et ass wichteg ze erwänen, dass de Gemengerot de Kontrakt „Pacte Cimat1.0" a senger Sëtzung vum 14. Dezember 2012 an de Kontrakt „Pacte Climat 2.0" a senger Sëtzung vum 3. Juni 2022 ënnerschriwwen huet. Déi zwee Kontrakter goufen tëschent dem Lëtzebuerger Staat, der ekonomescher Interessevertriedung „My Energy" an der Gemeng Kielen ënnerschriwwen. Am Kader vum Kontrakt vum Klimapakt ass eng vun deene wichtegsten Aufgaben de Programm eea "European Energy Award" op mannst eemol am Joer op den Ordre du jour vum Gemengerot ze setzen. Dowéinst huet de Klimapaktconseiller, den Här Thierry Lagoda, d'Haaptindicateure vum Programm eea "European Energy Award", déi vun der Ekipp vum Klimapakt vun der Gemeng Kielen elaboréiert goufen, am Gemengerot vum 5. Juni 2023 virgestallt a ginn an dëser Sëtzung gestëmmt.

## *7. Divers Subsiden*

Verschidden Ufroe fir Subside goufen am Laf vum zweeten Trimester vu nationalen an internationalen Organisatiounen an Associatiounen, un d'Gemeng gestallt.

De Gemengerot beschléisst d'Subsiden, un déi am Tablo opgelëscht Associatiounen an Organisatiounen, ze bewëllegen.

## *8. Schoulorganisatioun 2023-2024*

De Schoulkomitee vun der Kielener Grondschoul huet seng Propositioun bezüglech der Schoulorganisatioun 2023/2024 den 31. Mäerz 2023 geäussert an dës gouf vun der Schoulkommissioun vu Kielen de 17. Abrëll 2023 a Presenz vum Direkter vun der „Direction de l'enseignement fondamental Mamer", dem Här David Bettinelli, approuvéiert. D'Schoulorganisatioun vun der Gemeng Kielen, déi an Zesummenaarbecht mam Schoulkomitee a mam Schoulservice vun der Gemeng Kielen, déi ënnert anerem unhand vun engem Dokument vu Scolaria, Versioun 14. Juli 2023, virgeluecht gouf, resuméiert op onvollstänneg Wéis déi erfuerderlech Informatioune fir dat nächst Schouljoer. Fir méi vollstänneg ze sinn, gëtt Schoulorganisatioun vu Kielen mat engem zousätzlechen Dokument komplettéiert, wat u sech all d'Informatioune beinhalt, déi gebraucht ginn. De Guy Breden (CSV) deelt mat, dass d'nächst Joer d'Unzuel vun 20 op 22 Klassen eropgeet. De Cycle 3 a 4 kréie jeeweils eng Klass bäi. Verschidde Budgetsartikele sinn erofgaangen, an et sinn awer och neier bäi komm. Wéi zum Beispill de Budgetsartikel „Abonnements et licences scolaires" deen e Kredit vu 5.000 € fir d'Joer 2024 virgesäit, well ëmmer méi Méiglechkeete bestinn edukativ Software ze kafen. De Guy Breden (CSV) informéiert, dass ab dem Schouljoer 2023/2024, 5 Entdeckungsreesen organiséiert gi statt 4 well de Cycle 3 jo dann neierdéngs 5 Klassen huet, wéi uewen erkläert. Fir ofzeschléissen, well hien dass de Schoulkomitee an d'Schoulkommissioun spéitstens am Februar 2024 informéiert ginn op Coursë fir Schouljoer 2024/2025 an der neier Schoul zu Elmen kënne stattfannen oder net, fir dass eng effikass Schoulorganisatioun garantéiert ka ginn. De Gemengerot hält d'Schoulorganisatioun vun der Gemeng Kielen provisoresch fest fir d'Joer 2023/2024 zesumme mam zousätzlechen Dokument a mam provisoresche PEP (Plan d'encadrement périscolaire) 2023/2024.

## *9. Konventioun bezüglech der Verwierklechung vun den Infrastrukturen an dem Bau vu Gebaier vum Lotissement „rue des Champs" zu Kielen*

An der Sëtzung vum 3. Juni 2022, huet de Gemengerot de modifizéierte PAP NQ (projet d'aménagement particulier - „nouveau quartier"), an der rue des Champs zu Kielen adoptéiert. Dëse Projet ëmfaasst Infrastrukturaarbechten, de Bau vun engem Eefamilljenhaus an 8 jumeléiert Haiser. Fir eng gutt Koordinatioun ze assuréieren, ass eng Konventioun bezüglech der Verwierklechung vun den Infrastrukturen an dem Bau vu Gebaier vum Lotissement „rue des Champs" zu Kielen, de 5. Juli 2023 tëschent der Gemeng Kielen, vertrueden duerch de Schäfferot, an der Gesellschaft Thomas & Prion Home S.A. mat Sëtz zu B-6852 Our-Paliseul, 14 La Besace an der Belge, vertrueden duerch den Här Piron François, ënnerschriwwe ginn.

## *10. Ersetze vun der Waasserleitung Richtung Brameschhaff – Devis*

D'Gemeng Kielen huet de Büro Schroeder & Associés vun der Kockelscheier beoptraagt eng Etüd ze realiséiere bezüglech der Pos vun enger neier Waasserleitung tëschent Kielen an dem Brameschhaff, fir déi al Leitung DN150 aus PVC mat enger neier Leitung aus formbarem Gosseisen DN150 mat engem Duerchmiesser vu 15 cm op zirka 1.700 m an der bestoender Strooss ze ersetzen. Doropshi soll eng Schätzung vum Präis opgestallt ginn. Den Devis bezüglech dem Ersatz vun der Waasserleitung Richtung Brameschhaff weist e Montant vu 868.739,50 € ouni TVA vir. De Gemengerot approuvéiert dësen Devis.

### *11. Gemengereglement bezüglech der Ofwaasserentsuergung – Avenant*

D'Gemengereglement bezüglech der Ofwaasserentsuergung gëtt geännert an deem Sënn, dass e Punkt C13 an d'Rubrik „généralités", Ënnerrubrik C „eaux usées de nature particulière" - C13 „Eaux des bâtiments ouverts au public" mat folgendem Saz bäigefüügt gëtt „En cas de système de désinfection thermique des mesures de sécurité sont à prévoir pour garantir que personne ne puisse se brûler". De Gemengerot leet dat geännert Reglement fest.

### *12. Lotissementer*

#### *12.1 Lotissement vun enger Parzell n°2113/7171 zu L-8281 Kehlen, 9 rue du Kiem*

De Büro vum Geometer Terra G.O. s.à r.l. vu Contern huet e Projet vun engem Lotissement fir Movilliat Terrains S.A. den 21. Juni 2023 ausgeschafft. De genannte Projet gesäit vir d'Parzelle n°2113/7171 an zwee Lousen ze deelen, an zwar de Lous n°2113/Lot 1, Wunngebai, vun enger Fläch vun 2,12 Ar an de Lous n°2113/Lot 2, landwirtschaftlecht Gebai, vun enger Fläch vu 5,53 Ar, an der rue de Kiem, Sektioun A vu Kielen. Et ass wichteg ze preziséieren dass d'Wunngebai um Lous 2113/Lot 1 erhale bleift an d'landwirtschaftlecht Gebai um Lous 2113/Lot 2 ofgerappt gëtt fir de Bau vun engem Wunnkomplex mat 5 Wunnengen. De Gemengerot approuvéiert de Projet vun dësem Lotissement.

#### *12.2 Lotissement vu Parzelle situéiert L-8282 Kehlen, 16 rue du Centre*

Den Architektebüro Thillens & Thillens architecture s.a. huet e Projet vun engem Lotissement fir den Här Tonnar Théo vu Kielen den 13. Juni 2023 ausgeschafft. Dëse Projet gesäit vir d'Parzellen n°1973/7252, Strooss, vun enger Fläch vu 53 Zentiar, n°7973/7253, Plaz, vun enger Fläch vu 4,17 Ar, n°1972/1923, Gaart, vun enger Fläch vu 2,60 Ar an n°1971/5877, Wiss, vun enger Fläch vu 23,95 Ar, situéiert zu Kehlen, Sektioun A vu Kielen, op ze splécken. Dëst Lotissement gëtt realiséiert fir 2 onofhängeg Parzellen n°1973/7495, vun enger Fläch vu 4 Ar an n°1971/7494, vun enger Fläch vu 27,25 Ar ze kréien, fir op déi eng en Eefamilljenhaus ze bauen an op der anerer eben d'Ställ an d'Wisen ze hunn.

### *13. Verkéiersreglement – Avenant*

D'Verkéiersreglement huet missten adaptéiert ginn, wéi och den Artikel 6. An der Annexe 1 „Dipositions particulières", d'Rubrik betreffend de Feldweeër an de Gemengeweeër zu Meespelt an zu Keespelt ausserhalb den Uertschafte gëtt mat folgenden Dispositioune geännert:

- Circulation interdite dans les deux sens, excepté cycles, tracteurs, machines automotrices et patins à roulette sur toute la longueur du chemin 412
- „Cédez le passage" à l'intersection du chemin 412 avec la rue de Kopstal
- Arrêt et stationnement interdits au chemin 413, entre les deux intersections du chemin vicinal 105 avec le CR102, du côté nord

### *14. Confirmatioun vun dréngende Verkéiersreglementer vum Schäfferot*

5 dréngend Verkéiersreglementer vum Schäfferot sinn nodréiglech confirméiert ginn. Et handelt sech ëm d'Reglementatioun vum Verkéier mat Parkverbuet op deenen 2 Säite fir dass den Accès op de Parking vum Festsall zu Ollem vum 19. Juni 2023 bis de 29. September 2023 garantéiert ass ; Aarbechte fir den Uschloss vun der Glasfaser u Wunnhaiser fir d'Post an der rue du Centre zu Kielen ab dem 8. Juni 2023 ; Äerdaarbechte fir d'Post an der rue de Kehlen zu Keespelt vum 8. Juni 2023 bis den 28. Juli 2023 ; Aarbechte fir den Uschloss vun der Glasfaser u Wunnhaiser fir d'Post an der Strooss Op der Dresch zu Kielen ab Méindeg dem 12. Juni 2023 ; Aarbechte fir den Uschloss un d'Kanalisatioun vum Gebai n°13A zu Ollem an der rue de Capellen vum 13. Juli 2023 bis den 22. Juli 2023.

### *15. Kommunalen Erzéiungs an Emfangsdéngscht fir Kanner (SEA)*

#### *15.1 Erweiderung vun der Tâche vun engem Gemengenemployé an der Loungrupp B1, Ënnergrupp – Administrative*

De Gemengerot decidéiert d'Erweiderung vun der Tâche vun engem Gemengenemployé an der Loungrupp B1, Ënnergrupp – Administrative.

#### *15.2 Demissioun vun engem Gemengenemployé, Loungrupp C1, Ënnergrupp Erzéiung a Psycho-Soziales*

De Gemengerot approuvéiert d'Demissioun vun engem Gemengenemployé, Loungrupp C1, Ënnergrupp Erzéiung a Psycho-Soziales.

#### *15.3 Ernennung vun engem Gemengenemployé an der Loungrupp B1, Ënnergrupp Erzéiung a Psycho-Soziales (diploméierten Educateur)*

De Gemengerot ernennt a geheimer Ofstëmmung en diploméierten Educateur fir de kommunalen Erzéiungs an Emfangsdéngscht fir Kanner vun der Gemeng Kielen mat engem Beschäftegungsgrad vu 90 %, dat heescht 36 Stonne pro Woch, ënner dem Statut vun engem Gemengenemployé an der Loungrupp B1, Ënnergrupp Erzéiung a Psycho-Soziales.

### *16. Verwaltung vun der Gemeng Kielen*

#### *16.1 Demissioun vun engem Gemengebeamten an der Loungrupp B1 (fréier Redakter)*

De Gemengerot approuvéiert déi fräiwëlleg Demissioun vun engem Gemengebeamten an der Gehalt-Kategorie B, Loungrupp B1 (fréiere Redakter), Ënnergrupp – Administrative vun der Gemeng Kielen.

#### *16.2 Demissioun vun engem Gemengebeamten an der Loungrupp A2*

De Gemengerot approuvéiert déi fräiwëlleg Demissioun vun engem Gemengebeamten an der Gehalts-Kategorie A, Loungrupp A2, Ënnergrupp – Administrative.

#### *16.3 Promotioun an de Grad 13 an der Loungrupp A2, Ënnergrupp wëssenschaftlech an technesch vun engem Gemengebeamten*

De Gemengerot approuvéiert d'Promotioun an de Grad 13 an der Gehalts-Kategorie A, Loungrupp A2, Ënnergrupp wëssenschaftlech an technesch vun engem Gemengebeamten.

#### *16.4 Promotioun an de Grad 12, Loungrupp B1, Ënnergrupp – Administrative vun engem Gemengebeamten*

De Gemengerot accordéiert d'Promotioun an de Grad 12 an der Gehalts-Kategorie B, Loungrupp B1, Ënnergrupp – Administrative vun engem Gemengebeamten

#### *16.5 Promotioun an de Grad 7bis, Loungrupp D1, Ënnergrupp speziell Attributioune vum Agent municipal*

De Gemengerot accordéiert d'Promotioun vun engem Gemengebeamten an de Grad 7bis, Gehalts-Kategorie D, Loungrupp D1, Ënnergrupp speziell Attributiounen vum Agent municipal.